

Evangelium vun der Pällemwei (Joer C)

Lk 19,28-40

28 De Jesus ass erop op Jerusalem gaang.

29 Wéi hien an d'Géigend vu Bethphagee a vu Bethanien koom, bei de Bierg, deen Olivebierg genannt gëtt, huet hien der zwéi vun de Jünger virgeschéckt

30 a sot: "Gitt an d'Duerf vis-à-vis!

Wann dir erakommt, fannt dir do en leselsfillen, dat ugestréckt ass an op deem nach ni e Mënsch souz. Maacht et lass a féiert et heihin!

31 A wann een iech freet: 'Firwat maacht dir et lass?', dann äntwert einfach: 'Den Här brauch et.'

32 Déi zwéin, déi geschéckt gi waren, hunn sech op de Wee gemaach, an si hunn alles esou fonnt, wéi hien hinnen et gesot hat.

33 Wéi si d'Fille lassgemaach hunn, soten déi, deenen hiert et war: "Firwat maacht dir dat Fille lass?"

34 Si hu geäntwert: "Den Här brauch et."

35 Dunn hunn si et bei de Jesus gefouert. Nodeems si dem Fillen hir Kleeder op de Réck geworf haten, hunn si de Jesus drop gehuween.

36 Wéi hien do geridde koom ass, hu Leit hir Kleeder virun him op dem Wee ausgebreet.

37 A wéi hie bis dohi koom ass, wou et den Olivebierg erofgeet, dunn hunn déi sëllege Jünger sech gefreet an ugefaang, den Herrgott wéinst all deene Wonner, déi si gesinn haten, haart ze luewen:

38 "Geseent sief deen, dee kënnt, hie kënnt als Kinnek am Här sengem Numma! Am Himmel Friden an Herrlechkeet héich do uewen!"

39 En etlecher vun de Pharisäer, déi an der Mënschewull waren, soten zu him: "Meeschter, stéier deng Jünger!"

40 Ma hien huet geäntwert: "Ech soen iech: Wann si hei de Mond halen, da jäizen d'Steng."

^a *Ps* 118,26.